Schëfflenger Bëschzwergen
A.P.A.S.E. asbl.
38, rue du Parc
L-3872 Schifflange
Tél. 26 53 04 65
beschcreche@pt.lu

# Préinscription SEA Schëfflenger Bëschzwergen

*inscription sur une liste d'attente, sans garantie à une place définitive à la Bëschcrèche*

nom et prénom de l'enfant ______________________________

date de naissance ______________________________

adresse ______________________________ L-________ ______________________________

lieu de travail des parents à Schifflange ☐ domicile des grands-parents à Schifflange ☐

personne qui souhaite être contactée

personne responsable 1

nom et prénom ______________________________

relation avec l'enfant: mère ○ père ○ tuteur ○

téléphone ______________________________

adresse e-mail ______________________________

personne responsable 2

nom et prénom ______________________________

relation avec l'enfant: mère ○ père ○ tuteur ○

téléphone ______________________________

(adresse e-mail) ______________________________

---

je soussigné(e) ______________________________ désire inscrire mon enfant à la Bëschcrèche

pour _________ demi-journées par semaine (*3 à 5 demi-journées)*

préférence matin ○ préférence après-midi ○ avec repas de midi ○

à partir du: ____________________ (*date d'entrée à la Bëschcrèche avec 2 ans)*

*(adaptation possible avec 2 ans entre 15 juillet et 15 septembre si l'enfant a eu 2 ans jusqu'au 31 aout)*

***Pour une inscription définitive l'enfant doit avoir 2 ans (né jusqu'au 31 aout).***

***L'adaptation se fait selon les places disponibles entre mi-juillet et mi-septembre.***

---

date ______________________________ signature ______________________________

☐ Je soussigné(e) donne l'accord que mes données personnelles sont utilisées si la crèche Schëfflenger Bëschzwergen peut justifier d'un intérêt légitime dans le cadre des activités (par ex. des fêtes destinées au public) organisées par la crèche. Je peux annuler mon accord à tout moment par demande écrite. L'application du règlement européen (UE) 2016/679 du 27 avril 2016 (RGPD) par la crèche est publiée sur notre site internet www.apase.lu/schefflenger-beschzwergen.html

## Keen Dag ass wéi deen aneren!

An der Bëschcrèche léieren d'Kanner phantasievoll Plaze kennen, wéi "d'Nascht", "d'Spannen", "d'Quell", "den Zauberbësch", "de Motocross", "d'Bullis-Rutschbunn"a vill anerer.

D'Kanner klammen iwwer déck Steng a Beemstämm, iessen zesummen dobaussen hir Schmier, rutschen am Wanter am Schnéi, spille mat Bengelen, forme Männercher aus Bulli, sprangen an d'Pill, grille Wirschtercher, maache Gruppespiller, laachen, sangen a jäizen, kucken Déieren a Planzen, genéissen d'Wieder, stelle Froen, fannen nei Frënn, léiere Regelen anzehalen, kniwwele mat Bëschmaterial a.s.w.

Vill einfach Ritualer strukturéieren den Dagesoflaf.

### Wat brauche mir am Bësch?

Am Rucksak vum Personal sinn en Handy, ,Nueschnappecher, Lompen, Klengegkeete fir ze bastelen, e Geschichtebuch, eng Éischt-Hëllef-Trousse an Ersatzkleeder fir „kleng Pannen".

D'Kanner brauchen e klenge Rucksak mat engem Bidon Waasser an hierer Schmier-këscht a mussen dem Wieder an der Joreszäit no passend ugedoe sinn.

An der Garderobe vun der Bëschcrèche huet all Kand eng waasserdicht Box a Jackett, e puer fest Schong, eng Kap an am Wanter eng Mutz, Händschen an e Schal.

**De Präis vun der Crèche gëtt nom System vun de Chèque-Service verrechent.**

Fir datt d'Kanner sech gutt an d'Gruppeliewen integréieren, sollen se op d'manst **3x Hallefdeeg d'Woch an d'Bëschcrèche kommen**.

**D'Kanner kënnen duerch dat naturpädagogescht Konzept NI e ganzen Dag betreit ginn.**

d'Bëschzwerge bidden

e Moiesgrupp vun **7.00 - 12.30**

an e Mëttesgrupp vun **13.30 - 18.30**

mat der Méiglechkeet vun engem waarme Mëttegiessen an enger Sieste

**Moies vu 7.00 bis 13.00 respektiv 15.00 oder Mëttes 12.00 - 18.30**



**Wëll Dir eis kenneléieren?**
**Da kommt einfach mat eis an de Bësch!**

# Schëfflenger Bëschzwergen

SEAJ conventionnée 20190412




38, rue du Parc

L-3872 Schifflange

Tel: 26 53 04 65

beschzwergen@pt.lu

www.apase.lu

apase

association pour la promotion des activités socio-éducatives a.s.b.l.

D'Crèche **Schëfflenger Bëschzwergen** ass am November 2010 vun der A.P.A.S.E. gegrënnt ginn. 2002 huet dës asbl um Site vun der Escher Waldschoul déi éischt Bëschcrèche zu Lëtzebuerg opgemaach.

Iwwer eng Konventioun stellt d'Gemeng Schëffleng d'Lokal vun der Schëfflenger Bëschcrèche zur Verfügung an dréit 25% vun de Fonctionnementskäschten; déi aner 75% dréit den Educatiounsministère. D'Gebai vun der Bëschcrèche ass an der rue du Parc, ganz no beim Bësch.

*"Sei frech und wild und wunderbar"*

Astrid Lindgren



D'Kanner kënne vun 2 Joer u bis se an d'Spillschoul ginn an d'Bëschcrèche kommen.

Souwäit et fräi Plaze ginn, ginn nei Kanner tëscht Juli a September opgeholl, wann se bis den 31. August hier 2 Joer kritt hunn.

2 Erzéier begleeden jee e Grupp vun 12 Kanner an de Bësch. All d'Aktivitéite sinn dobaussen am Bësch an am Gaart vun der Bëschcrèche.

Moies ginn ëmmer zwee Gruppen op Entdeckungsrees an de Bësch, Mëttes geet ee Grupp zesummen an de Bësch.

## Firwat eng Bëschcrèche?

D'Kanner léieren de Wiessel vun de **Joreszäite kennen** an domadder och d'Verännerunge vun der Planzen- an der Déierewelt, dem Wieder an den Temperaturen.

Kanner erfaassen a **begräifen hir Welt mat alle Sënner.** An engem natierlechen Ëmfeld, wéi dem Bësch, ginn all dës Sënner ugereegt a geschoult.

De Kanner hiren **Immunsystem gëtt gestäerkt**, wann se am richtege Gezei bei all Wieder dobausse sinn.

De Bësch bitt de Kanner ideal Bedingunge fir hir natierlech **Loscht un der Bewegung auszeliewen** an doduerch hir motoresch Fähegkeeten a Grenze kennenzeléieren an ze entwéckelen. Hiert Kierperbewosstsinn gëtt op eng natierlech Art a Weis gestäerkt.

De Bësch reegt bei de Kanner d'**Raum-orientéierung** an d'**logescht Denken** un.

D'Spill mat Material aus der Natur reegt bei de Kanner d'**Phantasie** an d'**Kreativitéit** un.

D'interaktivt an **d'kreativt Spillen** am Bësch **fördert** bei de Kanner d'Ausdrocks-méiglechkeeten an **de Sproochgebrauch**.

Duerch **d'Zesummen(er)liewen am Bësch** ginn de Kanner hir Sozialkompetenze gestäerkt, si gi selbststänneg an handele mateneen aplaz géinteneen.

De Bësch bitt de Kanner un **zur Rou ze kommen**. D'Kanner léieren hir Opmierk-samkeet no bannen ze riichten an am Moment ze liewen.

**De Bësch bitt ganz vill Fräiheet a Fräiraum.** Mee och an der Bëschcrèche ginn et Regelen, net ganz vill, mee kloer Regelen. D'Kanner léiere follegen a Grenzen unhuelen.

De pädagogesche Prinzip vun der Bëschcrèche ass:

**ganzheetlecht Léieren mat alle Sënner**





*"Merci fir alles ... fir d'Fréijoer, de Summer, den Hierscht an de Wanter ... fir d'Klootteren an d'Schaukelen ... fir wäit Tier a Langweil ...fir de Reen an d'Sonn ...fir d'Schnitzen an d'Bullimätschen ... fir d'Léift an de Sträid ... a ganz, ganz vill frësch Loft."*

(Bëschkand)